N°757
Entrée le 17.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Lëtzebuerg war déi lescht Joren ëmmer erëm op den UN-Klimakonferenzen (COP) dobäi. D'Konferenz dëst Joer wäert zu Baku stattfannen. D'Haaptthema vun dëser Konferenz wäert d'Thema vun den nohaltege Finanze ginn, wat een Thema ass, wat grad fir Lëtzebuerg, dat eng nohalteg Finanzplaz opbaue wëll, vun Interessi ass. Aserbaidjan huet am September 2023 mat enger Militäroffensiv sech Deeler vun der Nagorno-Karabakh-Regioun ugëeegent an domat ee Waffestëllstandsaccord vun 2020 verletzt. Et ginn méi wéi 600'000 Barrel Pëtrol pro Dag am Aserbaidjan produzéiert. Dofir gëtt de Choix vu Baku als Organisator vun enger COP vun Ëmweltorganisatiounen kritiséiert.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung och dëst Joer erëm un der Weltklimakonferenz deelhuelen? Falls jo, wéi eng Ministere wäerten op Baku reesen?
2. Huet d'Regierung wëlles, fir dëst Joer selwer ee Pavillon zu Baku z'organiséieren, eventuell zesumme mat engem EU-Nopeschland?
3. Wéi wäert Lëtzebuerg op der COP29 fir seng nohaltëg Finanzplaz werben?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten